Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2026.71532.SECR

Péiteng, den 22. Mee 2026

**Betreff: Är Froe vum 22. Abrëll 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Christian Polfer - Tel.: 50 12 51 - 2060)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 22. Abrëll 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Mir Pirate begréissen dat de Pedibus och elo zu Péiteng, fir d'Schoulkanner déi a Schoul Eigent an a Parkschoul goe mussen , organiséiert ginn ass.*

*Allerdéngs bedauere mer et dat d'Gemeng Péiteng net flächendeckend konnt de Pedibus aféieren.*

*An der Test- Phase zu Lamadelaine goufe Gemengenaarbechter rekrutéiert fir de Pedibus ze garantéieren. Op Nofro hin, wéi d'Gemengenaarbechter bezuelt gi, gouf an enger Gemengerotssëtzung dorop hi gewisen, dat d'Aarbechtsstonnen déi iwwert de Pedibus entstinn, als Iwwerstonnen ausbezuelt gi sinn!*

*Och d'Attributiounen änneren sech mat den néien Aarbechtskonditiounen. Mir erhoffen eis dat an dësem Fall de Lounausgläich dem vum Kollektivvertrag vun de lëtzebuerger Südgemengen virgesinn ass, iwwertenee stëmmen, an dat eise Schäfferot fir soziale Lounausgläich steet!*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Gëtt déi aktuell Equippen déi de Pedibus zu Péiteng a Rolleng garantéiert (nach ëmmer) via Iwwerstonne bezuelt?*

*2. Krut dat Personal wat de Pedibus encadréiert passend Formatiounen ugebuede fir d'Tâche vum Pedibus ze iwwerhuelen? Wa jo, wéi eng e wéi vill Formatiounstonnen war et insgesamt?*

*3. Goufen déi néi Attributiounen an engem Avenant zeréckbehalen? Respektiv, ginn d'Gemengenaarbechter no hiren néien Attributioune sënngeméiss ausbezuelt?*

*4. Hunn Maison relais hiert eegent Personal fir de Kanner e séchere Schoulwee ze garantéieren oder ginn déi Tâche elo och vun den Equippe ronderëm de Pedibus definéiert?*

*Mat Respekt,*
*Chris Bernard*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. D'Equipe déi de Pedibus zu Péiteng garantéiert gëtt aktuell nach via Iwwerstonne bezuelt, well et sech hei nach ëm eng Testphase handelt. D'Equipe déi de Pedibus zu Rolleng garantéiert huet zënter dem 1. Mäerz 2026 een Avenant zu hirem Aarbechtskontrakt kritt an deem déi zousätzlech Stonne berücksichtegt ginn.

2. D'Personal wat de Pedibus encadréiert, krut eng Formatioun vun de *Services d'instruction routière régionaux* vun der Police Lëtzebuerg. Dës Formatioun ass extra un eise Pedibus ugepasst ginn, an huet insgesamt zwou Stonne gedauert. Dës Weideren ass Verschiddenes intern organiséiert ginn. Dat betraffent Personal krut am Virfeld de Projet am Detail presentéiert, an déi eenzel Weeër sinn zesummen ofgetréppelt ginn.

3. Wéi an der éischter Fro scho beäntwert ginn ass, hunn déi Agenten déi de Pedibus zu Rolleng garantéieren zënter dem 1. Mäerz 2026 een Avenant zu hirem Aarbechtskontrakt, esou dass déi zousätzlech Stonne ganz regulär a konform zu hirer Carrière bezuelt ginn.

4. Jo, d'Maison relais hunn hiert eegent Personal fir de Kanner e séchere Schoulwee ze garantéieren.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,